

LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Enrôlés de Force



**12. an 13. Juli 1944,
leschte groussen Depart an den RAD,
13. Juli 2004,
60 Joer duerno um Kanounenhiwwel**

4 2004

Août
45^e année

Komerodinnen a Komeroden,

„Wéi Dir wësst, gehéieren ech zur Generatioun vun eisen Enrôlés de Force. Duerfir fillen ech mech verpflichtet, hinnen un dësem 60. Anniversaire zur Säit ze stoen a mat hinnen un déi gefalen a vermëstete Komeroden ze denken. Nëmme eene, dee selwer un der Front stong, ka richteg verstoen, wat fir engem onmënschlechen Drock si ausgesat woren an trotzdem trei zu hirer Heemecht stongen.“ – Dat waren d'Wieder, déi de Grand-Duc Jean gesot huet, wéi e gefrot gouf, de 5. September um Kanounenhiwwel mat derbäi ze sinn.

A sengem Message gelegentlech vun der Aweigung vun der Eierepaart zu Slonsk sot hien: „Haut, wou eng Eierepaart, déi op de Kierfecht vun eise Jonge féiert, a Presenz vun de polneschen Autoritéiten an enger Delegatioun vun den Zwangsrekrutierten ageweit gëtt, si meng Gedanke bei lech, mä besonnesch bei deene Lëtzebuenger, déi hiert Liewe fir d'Heemecht, no laangem Leiden an Entbehrungen, wäit vun doheim, ginn hunn...“

Den 28. Juli 1943 gouf de Präz Jean Leutnant bei den „Irish Guards“ a bei der Gelegenheit huet hien sech vu London iwwert BBC un d'Lëtzebuenger Jugend vun deemools gerichtet, an ënner anerem gesot:

„Léif Lëtzebuenger Jugend,

De Jonktem vun onser Lëtzebuenger Heemecht ass vu jeehier am Elternhaus an an der Schoul am Geescht vu friddlecher Gesënnung fir all Mënschen a fir all Länner erzu ginn. Ons Elter hunn ons alleguerten de Wee gewisen, deen si gaange woren, an deen esou laang d'Gléck vun onsem Ländche gemaach hat. – ‚Fräi Lëtzebuenger op enger fräier Scholl‘, wor fir si a fir ons eng schéin an eng echt Lëtzebuenger Devise, an op deem Grondsaz woren ons Traditiounen an onst ganz national Liewen opgebaut.

Ons Spiller wore vun deemselwechte Gedanke gedroen, an et ass ni engem Lëtzebuenger Jong oder engem Lëtzebuenger Meedchen agefall, dass et anescht kënn sinn, an dass e blan-

nen Haass, deen d'Mënschen an d'Natiounen verfeint, an engem Lëtzebuenger Haus, an enger Lëtzebuenger Schoul oder am Lëtzebuenger Sportsliewe Plaz kënn fannen. – Esou hate mer et an der Vergaangheet gehalen a mir woren zefridden a glécklech derbäi. Esou stelle mer ons och d'Zukunft vir, wann emol déi batter Zäit, déi mer erliewen an erliden, hannerun ons läit, wéi e béisen Dram.

Ech weess, léif Lëtzebuenger, wéi Der alleguerten un onser Heemecht an un allem, wat se ausmécht, hänkt. – E brutalen Drock kann e Kierper ënner e friemt Joch zwéngen, mä Äert Lëtzebuenger Hierz, dat weess ech, kréien se ni. – Mir selwer, wéi och ons Frënn, wëssen, dass Dir doheim déi echt Lëtzebuenger Dugenden, Zéiegeket, Verbassenheet an Trei, wann och net ëmmer kënn offe beweisen, duerfir awer méi entschloss wéi jee, an Ärer Séil a Gesënnung weiderdrot a fleegt; an deen Ëmstand erlaabt ons

ëmmer erëm, virun der ganzer Welt ze betounen, dass d'Lëtzebuenger Land en hellegt Recht huet, als fräi an onofhängeg Natioun opzerstoen...“

De September dëst Joer sinn et 60 Joer, dass onst Land nees fräi ass. A mir si frou an houfreg, dass de Grand-Duc de 5. September mat ons um Kanounenhiwwel steet, a mat ons un all déi denkt, déi d'Heemecht net erëmgessinn hunn; un déi, déi un de Folge vun der Zwangsverschleefung allze fräi verstuerwe sinn. De Krees vun den Iwwerliewenden gëtt vu Joer zu Joer méi kleng, an dofir musse mir weisen, dass ons Komerodinnen a Komeroden aus der batterer Zäit net vergëss sinn, a mir et zesumme mam Grand-Duc Jean als eng Verpflichtung empfangen, trotz der net ëmmer beschter Gesondheet, de Wee op de Kanounenhiwwel eropzekommen, an ons gemeinsam un déi méi Onglécklech z'erënnere.

Jos. Weirich

Programm

Gare Hollerech: Beim Nationale Memorial vun der Deportatioun gi Blummen deponéiert. D'Sonnerie aux Morts bléist den Edmond Faber, Clairon d'honneur.

An der Gare vu Lëtzebuerg: Beim Monument vun den Eisebunner gi Blummen deponéiert. D'Sonnerie aux Morts bléist den Edmond Faber, Clairon d'honneur.

An der Häerz-Jesu-Kierch op der Gare: D'Commemoratiounsmass, zelebriert vun onse geeschleche Kommeroden. Verschéinert gëtt se duerch de Gesank vum Chouer vun den Enrôlés de Force.

De Cortège geet op de Kanounenhiwwel, virop d'Garnisounsmusek Dikrech.

Beim Nationale Monument vun der Lëtzebuenger Solidaritéit am leschte Weltkrich:

Gedenkfeier a Presenz vum Grand-Duc Jean

Begrëssung duerch de Generalsekretär Jim Bolmer
Usprooch vum Professor Marie-Anne Thommes
De Grand-Duc Jean leet Blumme virun d'Éiweg Flam
Sonnerie aux Morts, virgedroe vun der Garnisounsmusek Dikrech
Chorale les Sacrifiés, virgedroe vun der Garnisounsmusek Dikrech
Ökumenesch Gebieder
Nationalhymn „Ons Heemecht“
Duerno Aschreiwien an d'Gëlle Buch vun den Enrôlés de Force

„Dem amerikanischen Volk gilt unsere ewige Dankbarkeit“

Die „Enrôlés de force“ Sektion Norden erinnert an den Nazi-Überfall vor 64 Jahren

Schon zur Tradition geworden ist der Gedenktag der „Enrôlés de force“ Sektion Norden am zweiten Oktavsonntag in Clerf beim GI-Denkmal, an dem die Überlebenden und Familienangehörigen nicht nur ihrer Kameraden gedenken, die den Naziterror nicht überlebten, sondern auch den Alliierten des letzten Weltkrieges, allen voran, den US-Soldaten, welche ihr Leben für die Befreiung unseres Landes einsetzten.

Bei der diesjährigen Gedenkfeier konnte der Präsident der Sektion, Jean Morn, neben dem Vertreter der amerikanischen Botschaft, Deputy chief of mission Daniel W. Picutta, auch den Präsidenten der Föderation Jos Weirich mit den Vertretern des Zentralvorstandes, Bürgermeister Francis Stephany mit den Schöffen und Gemeinderäten, Frank Kieffer, Kurator des Ceba-Museums, Jemp Hirt, Vorstandsmitglied des „Remembrance Day“ Eitelbrück sowie die Vertreter der Nachbarsektionen der Zwangsrekrutierten beim GI-Denkmal begrüßen. Für die musikalische Umrahmung der Feier sorgte die „Harmonie municipale“ Clerf mit ihrem Clairon Alain Ripp, der die „Sonnerie aux morts“ intonierte.

DEMONSTRATION VON DANKBARKEIT

Diese Gedenkfeier habe den Charakter einer Demonstration von Dankbarkeit gegenüber den amerikanischen Freunden, so Jean Morn, den unzähligen US-Soldaten, welche an unserer Befreiung Teil genommen und ihr junges Leben aufs Spiel gesetzt hätten. Ihnen verdanken wir unsere Freiheit und den Frieden, in dem wir nunmehr seit 60 Jahren leben können.

Als am 10. Mai 1940 die Nazitruppen ungeachtet der Neutralität unser Land mit ihrer Kriegsmaschinerie überrollten und besetzten, sei dies der Beginn einer schweren, schmerz-



vollen Zeit gewesen. Mit dem Mut der Verzweiflung hätten die Luxemburger gestreikt und dafür einen hohen Blutzoll gezahlt. Erschreckend groß sei auch die Zahl der Jungen gewesen, die in der verhassten Uniform an der Front ihr Leben gelassen hätten, ohne Gelegenheit zur Desertion: Eine Chance, die über 3 000 Luxemburger Jungen ergriffen hätten und von Patrioten versteckt worden seien, bis 1944 eine starke US-Armee dem schrecklichen Nazispuk ein Ende bereitete. Dem amerikanischen Volk gelte unsere ewige Dankbarkeit, so Jean Morn im Namen seiner Kameraden.

ERINNERUNGEN WACH HALTEN

Auch Bürgermeister Francis Stephany erinnerte an die bitteren Jahre der Okkupation und an die vielen Leiden und Opfer, die die Zwangsrekrutierten, die amerikanischen Befreier, aber auch die Zivilbevölkerung erleiden mussten. Diese Erinnerungen wach zu halten sei Verpflichtung für die kommenden Generationen, um eine solche Tragödie künftig zu verhindern.

Die schrecklichen Leiden und Verluste während des Krieges hätten die Luxemburger und Amerikaner in einer starken und dauerhaften Freundschaft zusammen geschmiedet, so der Vertreter der US-Botschaft in Luxemburg, Daniel W. Picutta. Die

Erfahrungen und Erlebnisse der damals Anwesenden müssten an die jüngeren Generationen weitergegeben werden, um so ein Wiederholen der Tyrannei zu verhindern.

Mit Dankbarkeit nahm der Präsident der Föderation, Jos Weirich diese Worte entgegen. Dies sei eine besondere Geste der Sympathie und Anerkennung für die gegen ihren ausdrücklichen Willen in die braune Uniform gezwängten Luxemburger Jungen, die ihr Leben riskierten und mitunter verloren. Wenn auch am 10. September 1944, dem Tag der Befreiung, noch über 5 000 Zwangsrekrutierte in Gefangenschaft waren oder als vermisst galten, so konnten sie doch ein Ende ihres Leidensweges sehen. Wenn auch die jüngere Geschichte Amerikas nicht von jedem akzeptiert würde, so täte dies der Dankbarkeit und Anerkennung der Luxemburger Bevölkerung, besonders der vom Krieg betroffenen Generation, ihren Befreier gegenüber keinen Abbruch.

Unter den Klängen der „Sonnerie aux morts“ legten die Vertreter der „Enrôlés de force“ und der Gemeinde Clerf zusammen mit dem Vertreter der US-Botschaft Blumen beim GI-Denkmal nieder. Nach Abspielen der beiden Nationalhymnen bot die Gemeindeverwaltung im Hotel Koener den Ehrenwein an. J.R.K.

„Ihr Andenken zu ehren, ist Verpflichtung für uns!“

Vor dem Gedenkgottesdienst für „Ons Jongen“ segnete Dechant Fränz Muller eine neue Pietà



Einmal mehr wurde in der Grevenmacher Kreuzkapelle jener Gedenkgottesdienst gefeiert, bei dem die Zwangsrekrutierten der Sektion Grevenmacher (begreifend die Ortschaften Grevenmacher, Machtum, Niederdonven und Oberdonven) seit nunmehr 48 Jahren ihrer gefallenen Kameraden gedenken.

Im Beisein der Schöffen Nelly Bauler und Jacques Haas, zahlreicher Gemeinderatsmitglieder, der Vertreter des Zentralvorstandes der Zwangsrekrutierten, Norbert Melcher und Victor Graaff, des Präsidenten Will Streng und der Vorstandsmitglieder der Sektion, Xavier Buschmann, Paul Jager, François Muller und Marcel Georges sowie der Vertreter der Grevenmacher Vereine erinnerte Dechant Fränz Muller an die Feierstunde vor 48 Jahren, bei der die Zwangsrekrutierten versprochen, ihre Kameraden nicht zu vergessen. Der Geistliche unterstrich in diesem Zusammenhang: „Ihr Andenken zu ehren, ist Verpflichtung für uns!“

Alsdann sprach der Grevenmacher Dechant kurz von jener wertvollen Pietà, die in der Kreuzkapelle aufgestellt gefunden hatte. Leider wurde das Bild, vor dem besonders in den bitteren Jahren des

Zweiten Weltkriegs viel gebetet wurde, bekanntlich Ende Oktober 1997 gestohlen.

Mit großer Freude konnte Fränz Muller gestern Morgen eine neue hölzerne Statue segnen, die Marthy Putz aus Grevenmacher für ihre Heimatortschaft und für die Kreuzkapelle gestiftet hat. „Dieses schöne Bild der schmerzhaften Mutter möge uns helfen, unseren Blick auf den tröstenden Gott zu richten!“, wünschte der Geistliche.

Während der Eucharistiefeier, die von der Grevenmacher „Chorale municipale“ um Martin Elmquist und Marcel Weis gesanglich und musikalisch gestaltet wurde, gedachten die zahlreichen Anwesenden ebenfalls der im Jahr 2003 verstorbenen Zwangsrekrutierten Théid Paulus und Paul Bastian.

Im Chor und vor dem massiven Kreuz, das der Kapelle ihren Namen gibt, lagen die Blumen, die im Anschluss an den Gottesdienst und im Beisein von den bereits erwähnten Ehrengästen sowie von Vertretern von „Harmonie municipale“, Feuerwehr und Polizei unter den Klängen der „Sonnerie aux morts“ bei der Totengedenkstätte vor der Kapelle niedergelegt wurden. Sie werden noch eine Zeit lang

daran erinnern, dass es auch für die kommenden Generationen eine Verpflichtung ist, das Andenken derjenigen zu ehren, die unsere Freiheit mit ihrem Leben bezahlt haben. m.h.

*

Bei einem Empfang in den Räumlichkeiten der Vinsmoselle-Kellerei hieß Präsident Will Streng alle Teilnehmer willkommen und bedankte sich bei der Kellerei für den alljährlichen Willkommenstrank. Norbert Melcher als Vertreter des Zentralvorstandes nutzte die Gelegenheit, die Kameradinnen und Kameraden zu beglückwünschen für ihre Initiativen und bat sie, die Kameradschaft solange als möglich aufrechtzuerhalten. Bekannt ist, dass die Sektion bei der Gemeindeverwaltung zu jeder Zeit ihre Hilfe anbietet. Die anwesenden Gemeinderatsmitglieder bat er, innerhalb ihres Schulbetriebes, das Andenken an die geschundene Jugend nicht in Vergessenheit geraten zu lassen.

Ein gemeinsames Mittagessen „beim Jules“ beschloss diese Gedenkfeier.

Amicale R A D BRAHNAU-BROMBERG

NATIONALE
COMMEMORATIUNSDAG
2004

D'Amicale
RAD Brahnau-Bromberg
invitéiert dëst Joer hir
Komerode mat hire Familljen
op den traditionelle Konveniat

zu Walfer
e Sonndeg,
den 12. September 2004

Exkursioun vun der Sektioon Lëtzebuerg-Stad vun den Enrôlés de Force op Mondorf

Donneschdeg, den 10. Juni 2004

Grad esou wéi déi Deeg virdrun, déi mat iwver 30° extrem waarm waren, huet och dësen Donneschdeg versprach, esou richtig summerlech ze ginn. D'Sonn huet schonns an de fréie Muergesstonnen iwver Bierg an Dall geschéngt. D'Meteo hat wuel e Changement mat Donnerwiederer annoncéiert, dat huet der gudder Stëmmung awer keen Ofbroch gedoen.

Mat engem Bus vun den CFL hu mir äis géint 11 Auer op de Wee no Mondorf gemaacht. De Comité hat decidéiert, nach eng Kéier op Mondorf ze fueren, ob-schonns mir virun zwee Joer eréischt do waren. D'Iwwerleeung war déi, datt eng Exkursioun net ze ustrengend soll sinn. Vill vun eise Komerodinnen a Komeroden, déi jo esou lues an den Alter kommen, si behënnert an net méi gutt zu Fouss, si kënnen sech net méi ze vill zoomudden. Do ass e Park, wéi hei zu Mondorf, grad dat Richtegt, fir een Dag gemittlech an a Rou an engem idyllesche Kader ze verbréngen.

An der Orangerie, déi fir äis reservéiert war, waren d'Dëscher gedeckt. 70 Komerodinnen a Komeroden hate sech ugemellt a ware present. De President vun der Federatioun, Jos Weirich, mat der Ma-

dame, grad wéi den Deputéierten Téid Stendebach, och mat der Madame, haben dëst Joer och drop gehalen, dësen Dag mat äis ze verbréngen. Fir lessen a Gedréns war gutt gesuergt, a wéi kënn et anescht sinn, d'Stëmmung war exzellent. Al Komeroden hu sech jo sou muenches z'erzielen.

Géint dräi Auer ass de Spillmann komm an huet Musek gemaacht. D'Musek war der Gesellschaft ugepasst, net ze modern, meeschtens Melodië vu fréier, an dat ass och gutt ukomm. Eise Comitésmember, de Felix Ternes, hat sech d'Méi gemaacht a 40 Texter vu Lëtzebuerger Lidder an engem Bichelchen zesummegefaasst, dat verdeelt gouf. Den éischten Deel vum Bichelchen huet den Titel „Dicksiana“ an och „Lëschteng an Dréng-Lidder“. Am zweeten Deel fënnt een „Eescht an Heemechts-Lidder“. Dat war grad dat Richtegt, dat fir de Moment gebraucht ginn ass. Déi meescht Melodië si jo bekannt, d'Wieder derzou net ëmmer, hei haten d'Sänger eppes an der Hand. De Marcel Lamboray huet erëm fir eng Kéier bewisen, wat hie kann, an huet fir Animation gesuergt. D'Caroline, d'Gilberte an och d'Madame Stendebach hu Lidder virgedroen a goufen dobäi vun der ganzer Ge-

sellschaft begleet. Op der Danzpist konnten d'Amateure bewisen, datt si nach net zum alen Eisen zielen. Méi wéi een huet säi Bengel stoe gelooss an um Danzbuedem net méi u seng Arthrose geduecht. Et war sechs Auer ginn ier een sech ëmsinn hat. Eng weider Kéier huet et sech bewisen, datt Gesellegkeet a gutt Laun exzellent Hausmëttel géint munnech Krankheet sinn.

Do bausen haten d'Wolleken sech an der Tëschenzäit ëmmer méi zesummegezunn an den Donner huet ronderëm grommelt. Et huet och net laang gedauert bis et ugefaang huet mat reenen.

No sechs Auer gouf nach eng Stärkung zerwéiert a géint aacht Auer hu mir äis op den Heemwee gemaacht. Fir déi perfekt Organisatioun an déi vill Aarbecht déi domat verbonne war, kënnen mir eiser Presidentin, der Madame Mimy Deltgen, Merci soen. Et hat alles geklappt, dat war haaptsächlech hire Verdéngscht, awer och dem Gilberte an dem Fonny säin, déi si dobäi aktiv ënnerstëtzt hunn.

Ee schéinen Dag ass zu Enn gaang, een Dag a Gesellegkeet an a Frëndschaft, a mir hunn äis virgeholl, wa Gott wëll, d'nächst Joer erëm all derbäi ze sinn. este

Op Besuch am Mémorial de la Déportation zu Hollerech



Viru kuerzem war eng Klass vun de fréieren Ackerbauschüler, déi am an nom Krich hir Schoulzäit absolvéiert hunn, op Besuch am Mémorial de la Déportation, wou si vum Komerod Jim Bolmer wëllkomm geheescht gi sinn. Déi fréier Schüler mat hiren Damme kruten all Erklärungen mat engem Film gewisen. Déi meescht vun de Participante waren aus de Joergäng 1927 bis 1929, sou dass et net schwéier war, hinnen déi onséileg Zäit an Erënnung ze ruffen. No der Visite goufe Blumme beim Monument deponeiert. Alleguer waren se iwerrascht, wat hei an deene Joren zesummegebroe ginn ass, an hunn sech häerzlechst beim Jim bedankt.



Op eegen Initiativ hin hate sech déi 5 Amicalen* vun R.A.D. a WEHRMACHT zesummefonnt, fir sengerzäit 1954 hiert 10. an elo hiert 60. Erënnungsfest op den 13. Juli 2004 ze feiere vun deenen zwee Deeg, wou si nach den 12. an 13. Juli 1944 agezunn, an, obschonns eis amerikanesch Befreier virun der Dier stungen, nach fortgeschleeft goufen, a Polen, no un d'Front a leider och direkt un d'rus-sesch Front.

Et woren eiser deemools ronn 1200, fir elo hunn sech der dovun nach 130 vun den Iwwerliewenden erëmfonnt, haut sinn dat Männer vun ëm déi 80 Joer a vill vun hinne si vu gesondheetleche Schied – och vun deemools – betraff.

Den 13. Juli 2004 war e schéinen Dag, de Rassemblement war mueres um Kanounenhiwwel mat der gewéinlecher Zeremonie: Nidderleeë vun enger Gerbe a Gebiet vun deenen dräi Reliounen – kathoulesch, protestantesch a jiddesch.

Duerno war feierlech Mass an der Kathedral, mat dem Här Äerzbëschof an eise Krichs- an Zwangskommoden Abbé André Heiderscheid an Abbé Michel Behm.

Den Här Äerzbëschof huet déi richteg an ergreifend Wierder fonnt, fir äis ze erënnere, datt et dem Herrgott säi Wëll wor, dass mir de Misär an déi Doudesgefor iwwerstan hunn an him solle Merci soen, an dat ni vergiessen.

Eise Komerod André Heiderscheid huet a senger Priedegt déi schwéier Zäit nach eng Kéier erëmgschildert an erënnert, dass mir och net solle vergiessen, eiser Gottesmamm an Tréischterin Maria vu Lëtzebuerg och en déiwe Merci ze soen.

Duerno si mir all bei d'Gemengenhäus getréppelt, fir eis Erënnungsfoto ze maachen.

An an der Gemeng vu Lëtzebuerg si mer da vum Här Buergermeeschter Helminger a senge Schäffen an Deputéierten empfaangen a mat Éierewäi sympathesch begréisst ginn.

Nom Buergermeeschter Helminger senger frëndlecher a sympathescher Usprooch war et dann un eisem Komerod André Linden, der Stad Lëtzebuerg an hirem Schäfferot Merci ze soe fir den exzellenten Empfang.

Dat ass da virugaange mat städtesche Bussen op Dummeldeng an de Parc Hotel Alvisse, wou dann eis Komeroden, deelweis mat hire Fraen, empfaang goufen vun eisem Comitéspresident Nic. Champagne.

Den Nic. Champagne huet eis rappeléiert, wéi a firwat mir nach zu deem genannte spéiden Zäitpunkt eis fortschleefe gelooss hunn. Hien huet un zwee erliefte Exemple gewisen, dass et net aus Abenteurerloscht oder aus „däitsche Sympathien“, mä aus béisem Muss an Zwang war.

A senger Usprooch huet de President

och fest an haart betount, dass hien dem heitegen „deutschen Weg“ och net traut an eis nëmme warne ka virun engem méiglechen drëtten oder véierten Iwwerfall – oder wat och soss – esouguer wann et an sengem wirtschaftlechen Hegemonie-Denken an der EU wär.

No engem gudde Mëttegiessen aus der bekannter Alvisse-Kichen huet de Frënd a Komerod Guy de Muysier als President vum Mémorial de la Déportation eis de Sënn an Zweck vun deer Institutioon erklärt an all Uwiesenden an och all Lëtzebuurger agelueden, de Musée ze besichen, eleng schonn nom Prinzip: „Wider das Vergiessen.“

Als Beweis vun eisem Respekt an eiser Trei zum Lëtzebuurger Landeshär, dem Grand-Duc Henri, hu mir e Buch vun de Lëtzebuurger Schlässer signéiert an et eisem Haff, an dat mat engem Hommage, zoukomme gelooss.

Als Invité hate mir de Landespresident vun den Enrôlés de Force, eise Komerod Jos. Weirich. Hien huet eis d'Schlusswuert gesot a Merci fir eis Ustrengung an eise gudde Wëll, virun zesummenzuehalen an ëmmer no der Lëtzebuurger Devise: „Mir wëlle bleiwen, wat mir sinn!“

N.CH.

* D'Amicalë Bismarckhügel-Russ, Gembitz-Deutschwalde, Lüden-Wollstein, Pinne-Jarnowitz a Rogasen-Wollstein.

Tätigkeetsrapport iwwer d'Joer 2003 vun der Diddelenger Amicale vun den Enrôlés de Force

Déi lescht gutt besichte Generalversammlung ass den 22. März 2003 an dësem Sall ofgehalen ginn. No dëser Generalversammlung huet de Comité sech folgendermoosse forméiert. President: Jos. Weirich; Vizepräsident: Pol Schammo; Sekretär: Jos Benoit; Keessier: Norbert Kneip; Akasséierin: Mme Irène Bastian; Member: René Bichler, Mme Léa Bindels, Joffer Alice Libar, Jos Putz, Aloyse Reger, Tun Rosseljong, Théo Schintgen, Neke Sturm an d'Mme Nelly Theobald. Keesse-revisoren: Mme Lily Weirich a Julien Coner. Fändelsdréier: Baudouin Strasser a Joël Strasser.

Eis Sektioon hat am Joer 2003 eng Memberzuel vun 202 „Enrôlés de Force“ resp. „survivants“ an 9 Éiremembere.

Et gëtt keng Zoukunft un d'Erënnung, duerfir bieden ech lech, een Ament un all eis Doudeg ze denken.

Weider wichteg Evenementer aus dem Joer 2003, wou néideg, war och de Fändel derbäi: Den 30. Januar op der Commemoratiounsfeier fir déi 91 Jongen, déi an der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945 vun engem SS-Kommando zu Slonsk op eng schrecklech Aart a Weis higericht goufen. Den 12. März an der Generalversammlung vum „Syndicat d'initiative“. Den 8. Mee d'Deponéiere vun enger „Corbeille“ bei der Commemoratiounsplack an der Entrée vun der Kierch. De 15. Mee an der Oktavmass zu Lëtzebuerg. De 25. Mee an der Schlussprozessioon vun der Oktav. Den 22. Juni, den Nationalfeierdag, op der Receptioun an am Te Deum. De 7. September bei der „Commemoration Nationale“ vun den Zwangsrekrutierten zu Lëtzebuerg. Den 12. Oktober mat de Gemengenautoritéiten op der lokaler Erënnungsfeier beim „Monument aux Morts“ an um ale Kierfecht bei der „Mur du Souvenir“. De 26. Dezember, déi traditionell Commemoratiounsfeier fir d'Diddelenger Naziaffer an all bis dato verstuerwe Komerodinnen a Komeroden.

D'Analysen an d'Resultater aus 59-järeger Tätigkeet vun der Diddelenger „Ligue Ons Jongen“ bzw. vun den „Enrôlés de Force“ bréngen engersäits traureg, anersäits och bewonnernswäert Resultater ervir. Traureg, well d'Waardezäite vun eise Membere fir an d'Alters- bzw. Fleegehem, ginn trotz enger prioritärer Konvention ëmmer méi laang, an dat am Rhyth-

mus vun der Sprangprozessioon. D'Hannerkulisseprotektioun verwässert d'Konventionen, d'Reglementer an d'Gesetze.

Traureg, dass nees de gréissten Deel vun eise Generatiounen, duerch dat niwwelegt däitscht Stëftungsgesetz iwwer Zwangsarbeit, ausgeschloss gouf. Dat beweist nees, dass eis Grousselteren, d'Elteren a mir mat eisen Aussoen ëmmer Recht haten, dass anersäits vun der Musel nach ni eppes Guddes an eist Land kum.

Traureg, dass wéi schonn esou dacks, d'Regierung an d'Parteien eis nees am Reestoe gelooss hunn a mir an onsem eegene Land als Zweetklassmuppie behandelt ginn. Wat kann ee schonn aus deene Kreeser erwaarden, wann de Staatsminister et net fäerdeg bréngt, op eis Bréiwer ze äntwieren, oder hunn de Staatsminister, d'Regierung an d'Partei vergiess, dass d'Zwangsrekrutiert an d'Seniore Steierzueler a Wieler sinn. Och d'Gesetz vun 1991 iwwer eng nei antisozial Klasséierung vun de Witfraen a Witmänner an der Steiertabell ass a gëtt net vergiess, si gesinn et all Mount bei hirer Pensioun.

Bewonnernswäert sinn d'Geschichtsbücher, geschriwwen vun eise Komeroden an Zäitzeien, unni déi den „Calvaire“ vun eise Generatiounen der Effentlechkeet virenthale géif.

Bewonnernswäert sinn d'historesch Wourechte vun engem grouss Virkrichsan Nokrichsjournalist, den Henri Koch-Kent. Ouni seng ongeschminkt, der Wourecht entsprechend Berichter an Dokumentatiounen, wier eis Natioun, déi et speziell ugeet, ni eppes iwwer déi knaschteg an hannerhéleg Virkrichsan Nokrichspolitik geweur ginn.

Bewonnernswäert, dass d'Meedercher an d'Jonge vun de Joergäng 1920–1927 zënter 59 Joer sech un d'Devise „an der Eenegkeet läit ons Stärkt“ gehalten hunn, mat hinnen, den „survivants“ an de Sympathisanten, kämpfe mir fir Gerechtegkeet a géint all geschichtlech Ligen.

Am Laf vum Joer 2004 ass d'Inauguratioun vum neien „Musée“, deen déi nofolgend Generatiounen dorun erënnere soll, dass d'Fräiheet an d'Demokratie, mat wäertvollem Lëtzebuurger Blutt erkaaft goufen.

Jos. Benoit

Neijooschgratulationen

Grad wéi an deene vergaangene Joren publizéiere mir d'Gratulationen am Bulletin „Les Sacrifiés“. Dir kënt lech bei Äre Sektioon op eng Lëscht setze loossen, déi de lokale Comitésmembere zur Verfügung gestallt gouf. Dir sidd sécher net vergiess ze ginn.

Et geet natierlech och, wann Dir 3 Euro op de Postscheckkont IBAN LU78 1111 0313 2995 0000 vun der Fédération des Enrôlés de Force, Luxembourg iwwerweist. Schreift Ären Numm an d'Adress däitlech w.e.g.

D'Lëschte muss bis spéitstens den 1. Dezember 2004 un d'Redaktioun, Norbert Melcher, 1, Wisegässel, L-7333 Steesel ageschéckt ginn.

D'Oktobernummer gëtt duerch déi EXTRANUMMER ersat. Merci fir Äert Versteedemech.

Agenda

Rappel

Un all Sektioonen, Amicalen an Associatiioonen!

Fir dass d' „Enrôlés de Force“ net abseits stinn, wann am ganze Land den

10. September 2004

d'Liberatioun vun onser Heemecht gefeiert gëtt, ob-schonns deemools nach méi wéi 5 000 Meedercher a Jon-gen net erëm doheem waren, huet de Comité National pro-poséiert, eng **Extranummer** vun „**Les Sacrifiés**“ erauszeginn. Duerfir sinn all Sektioonen, Amicalen an Associa-tioonen opgeruff, der Federatioun 2 bis 4 Fotoen zoukom-men ze loosse mat jee enger kuerzer Beschreiwung, wat op deene Fotoen ass. Ee Beispill: D'Sektiooun X schéckt eng Foto vun der Aweigung vun hirem Monument, oder si leeë Blummen néier, oder Erënnerungen un eng Excursioun, awer ëmmer, wa méiglech, mat Datum.

Also nëmme Fotoe vun **nom Krich bis haut**. Dës Fotoe si bis den 1. September 2004 ze schécken un den

Norbert Melcher, 1, Wisegässel, L-7333 Steesel.

D'Extranummer kënnt am Oktober 2004 eraus. Wann ee Grupp méi wéi 4 Fotoe publizéiere wëll, kann hien zou-sätzlech zu sengen éischte 4 Fotoen nach weider Fotoe schécken (awer ëmmer am Ziklus 4), z.B. 8 oder 12. Da muss ee Supplement vun 140,00 Euro pro Säit iwwerwise ginn. Iwwerweisung op de Kont vun der Federatioun:

C.C.P.L. IBAN LU78 1111 0313 2995 0000

- 5. September 2004:** JOURNÉE COMMÉMORATIVE vun den Enrôlés de Force um Kanounenhiwwel (Baueresonndeg)
- 12. September 2004:** Commemorationsdag vun der Amicale Brahnau-Bromberg zu Walfer
- 10. Oktober 2004:** Commemorationsdag vun de Sections réunies du Nord Cliärref zu Èlwen
- 6. November 2004:** Tambower Dag
- 11. Dezember 2004:** Commemoratioun vun de Jonge vum 7. Dezember 1945, Retour aus russescher Gefaangenschaft
- 26. Dezember 2004:** Commemorationsdag mat Blummennidder-leeën zu Diddeleng

Sommaire

2004 – Lëtzebuerg 60 Joer fräi	2
EdF-Sektion Norden: „Dem amerikanischen Volk gilt unsere ewige Dankbarkeit“	3
EdF-Sektion Grevenmacher: „Ihr Andenken zu ehren, ist Verpflichtung für uns!“	4
EdF-Sektiooun Lëtzebuerg-Stad: Exkursioun op Mondorf	5
Op Besuch am Mémorial de la Déportation	5
Journée du Souvenir – 13. Juli 2004	6
Tätegkeetsrapport 2003 vun der Diddelenger Amicale vun den Enrôlés de Force	7

Redaktiounsschluss fir Nr. 5/2004 ass den 1. Dezember 2004. Merci!

Fédération des Enrôlés de Force, Association sans but lucratif

Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, **boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg**,
tél. + fax: **48 32 32 – CCPL: IBAN LU78 1111 0313 2995 0000**

Rédaction du bulletin bimestriel: «Les Sacrifiés», c/o Norbert Melcher
1, Wisegässel, L-7333 Steinsel, tél. 33 60 30

Distribution du bulletin «Les Sacrifiés»: Jules Giersch,
14A, rue de Sélange, L-4965 Clemency, tél. 50 21 37

Service social aux Enrôlés de Force: Emile Gruber,
14A, rue de Diekirch, L-7440 Lintgen, tél. 32 60 22
En cas de non-réponse: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, tél. 48 32 32

Amicale des anciens de Tambow:
Secrétariat: 14, rue de Kahler, L-8378 Kleinbettingen, tél. 39 60 39
CCPL: IBAN LU75 1111 0240 0748 0000

Association des survivants des Enrôlés de Force, Association sans but lucratif
Siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. Tél. Flammang M. 48 16 76

Enrôlés de Force, section Hollerich-Gare,
Secrétariat: Jules Giersch, 14a, rue de Sélange, L-4965 Clemency
tél. **50 21 37 – CCPL: IBAN LU07 1111 2035 8882 0000**

Impression: saint-paul, luxembourg